

Steht entzwo' an engem Wenkel
 him zum Led e Batterbam:
 Wi e Wantergrengsgekrenkel
 hänkt em dröm e Blummendram;

datt e Sonndes dach seng Schäppchen
 mat den Noper fre'hlech drenkt,
 well en d'Woch durch sech de Käppchen
 voller eescht Gedanken denkt;

datt och owens ann den Uuchten,
 wann öm d'Hous de Wanter päift,
 wann se spanne bei de Luuchten,
 fro'h e Lidd him d'Härz ergräift!» —

*
**

Schloß. D'Wirkong vum Lidd op de Jong.

«So', verstehs de, sengt de Vugel,»
 sot de Papp zum Jong. «Net? Gelt?
 Kuck, nu sche'ßt e wi eng Kugel
 he'ch erof dur op eist Feld! —

Ji! nu looß mer stall hei halen!
 Hei aß d'Steck, do get gese't.
 Nun erof vum Pärd, mäin Alen,
 lo gesäih's du, wi ee ple't!

Löfteg werf*) nu d'Eet vum Schlitten,
 riicht den Hunn an d'Kolter gutt!
 Gräif*) zum Hur an zo' de Gitten:
 Har! hott! hi! mat fro'hem Mutt!»

Ma der Le'erchen hirt Liddchen
 dat gefo'l dem Jong eso',
 dass e fest sech setzt den Hittchen
 a schuns hale wellt de Plo'!

*) Ms. werft, gräift.